Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**



**Grupp St. Cunibert**
**REIMECH**

**Biber & Wëllef**

19, Wengertswee
L-5450 Stadtbredimus

Tel : 661181153 (Biber)
621631223 (Wëllef)

wibi@remich.lgs.lu
www.lgsremich.lu

Réimech, den 20. Mee 2016

# Léif Elteren, léif Biber a Wëllef,

An dësem Bréif fannt dir de Programm bis zur Summervakanz.

| Datum | Aktivitéit | Plaz | Auerzäit | Bemierkung |
|---|---|---|---|---|
| 25.05.2016 | Eltereversammlung | Home | 19:30 | |
| 28.05.2016 | Versammlung | Home | 14:30 – 16:30 | |
| 04.06.2015 | ***Keng Versammlung, wéngst dem Wëllefchersrallye*** | | | |
| 05.06.2016 | Wëllefchersrallye | Hesper | | **Nëmme fir d'Wëllef**<br>Weider Détailer kommen an engem separate Bréif wann der ugemellt sidd |
| 11.06.2016 | Versammlung | Home | 14:30 – 16:30 | |
| 18.06.2016 | BiberMud | Neihaischen | 11:00 – 17:00 | **Nëmme fir d'Biber déi sech ugemellt hun** |
| 18+19.06.2016 | Gréin | Réimech | | |
| 25.06.2016 | Versammlung | Home | 14:30 – 16:30 | |
| 02.07.2016 | Versammlung | Home | 14:30 – 16:30 | |
| 09.07.2016 | Rallye | Bous an Emgéigend | 10:00 – 16:00 | D'Umelldung fir de Rallye ass an dësem Bréif |
| 25.–30.07.16 | Summercamp | Bilsdorf | | |

Rendez-vous fir eis Versammlungen am Home ass um **14:30 Auer.** Mir treffen eis wéi gewinnt um CEFOS Parking, wou d'Kanner ofgeholl ginn an och erëm um **16:30 Auer** zeréckkommen.

Mir bieden Iech Ärem Kand alt Gezei, dat och emol knaschteg ka ginn, respektiv Gezei dat dem Wieder ugepasst ass wa mir raus ginn (Reejacket, Kap) unzedoen.

Fir weider Informatiounen gidd op eisen Internet-Site: www.lgsremich.lu. Falls Aert Kand eng Kéier net an d'Versammlung komme kann, da biede mer Iech et per SMS ofzemellen oder eis eng E-Mail u wibi@remich.lgs.lu ze schécken.

Mat beschte Guiden- a Scoutsgréiss,

**Aer Chefekipp**

Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**



**Grupp St. Cunibert**
**REIMECH**

**Biber & Wëllef**

19, Wengertswee
L-5450 Stadtbredimus

Tel : 661181153 (Biber)
621631223 (Wëllef)

wibi@remich.lgs.lu
www.lgsremich.lu

# Umelldung Rallye

Den 9. Juli 2016 organiséiren mir als Ofschloss vum Scoutsjoer 2015/16 ee Rallye an der Emgéigend vu Bous:

**Ufank:** Samschdes, den 9. Juli 2016 um 10:00 Auer

**Schluss:** Samschdes, den 9. Juli 2016 um 16:00 Auer

**Präis:** 7 €

Genee Informatiounen iwwert d'Plaz vum Ufank a vum Schluss kritt der no der Umelldung matgedeelt. Wann dir un dësem Rallye wëllt deelhuelen, da gidd dësen Ziedel bei engem Chef of oder schéckt eis eng E-Mail u **wibi@remich.lgs.lu** bis den **2. Juli 2016**. Bréngt eis déi **7€** w.e.g. den Dag selwer mat a gidd se bei engem Chef of. Aus organisatoreschen Grënn bieden mer Iech den Ziedel och auszefëlle wann der net matgoe kënnt.

Mat beschte Guiden- a Scousgréiss,

**Aer Chefekipp**

✂ ........................................................................................................................

Heimat mellen ech ........................................................................................................
(Numm vum Tuteur)

mäi Kand ........................................................................................................ fir de Rallye
(Numm vum Kand)

den 9. Juli 2016: ○ un ○ oof

_____________________________
Ennerschr*ëft vum Tuteur*

U <u>**wibi@remich.lgs.lu**</u> schécken oder bei engem Chef oofgin bis den 2. Juli 2016